



DE FELIX

18

RÉCKBLÉCK OP
2018 ➤

IMPRESSUM-FELIX 2018



EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél. : +352 691 420 539
www.acel.lu | contact@acel.lu

REDAKTIOUN

ACEL-Comité
Charel Muller

GRAFIK, LAYOUT

Patnat Design

FOTOEN

ACEL
Luka Grashoff
Max Jacobs

OPLAG

200 Exemplarer

DROCKDATUM

Dezember 2018

INHALTSVERZEICHNIS

Virwuert	05
Dem Felix säi Gedicht.....	06
ACEL's Joer 2018	08
» Zuelen	09
» Kalenner	10
» Comité	16
Evenementer 2018	22
» Tournoi de Noël 2017	22
» Student fir 1 Dag	24
» De Studentebal	26
» REEL	30
» Intercerclen 2018	40



VIRWUERT



Et ass nees ee Joer vergaangen, d'Feierdeeg sti virun der Dier an et ass nees Zäit e Réckbléck op dat vergaangent Joer ze werfen. An der zweeter Editioun vum de Felix fann dir eng ganz rei Zuelen iwwert d'Evenementer vun der ACEL a sengen Cercles 2018.

Niewent de sellechen Zuele fann dir natierlech och déi eng oder aner Anekdoten. D'Nora huet sech och dëst Joer nees beméit ee klengt Gedicht ze schreiwen ech géing iech wierklech uroden et ze liesen ;)

Heimat ass dann och meng Zäit an der ACEL eriwwer. Et ware flott dräi an d'halleft Joer wou mir zesumme vill richteg gutt Projete realiséiert hunn. Oft hu mir och gutt gelaacht wann nees ee bei eis ugeruff huet well säin Auto en Panne war an e geduecht huet mir wieren den ACL. Ech soe jidderengem deen déi lässt 3,5 Joren am ACEL Comité war, Merci fir déi gutt Zäit, ech wäert se net vergiessen.

Ech wünschen iech vill Spaass beim liesen, a Merci dass dir d'ACEL a seng Cercles ännerstëtzt.

Pol Lutgen
President

DEM FELIX SÄI GEDICHT



No engem Joer voller freet
Mësch de Felix sech bereet
Heen well zielen wat d'ACEL mescht
an hellt dofir eraus seng Lescht

„Mir kennen méi wei némmen Nuddelen,
Och wann mir dobäi émmer suddelen.
Iwwer Gadgeten diskutéieren mir gär
An jiddereen leet dobäi säi Pefferkär

An wann mir gesinn wei vrou hien ass,
Dann ass den Pascal erém lass,
Well Snapen ass eng grouss freet,
An mir sinn doranner d'Nummer eent

Orange soll alles sinn,
och wann den Pol dat net well agesinn,
Ee neie Frigo fir d'ACEL soll hier
« Passend zu eisen Poloen » soen mir.“

Jo mee Felix do sinn nach aner Saachen,
Déi een ACEL Member sou muss maachen,
„Stëmmt“ seet eise Felix dunn,
„Ech fänke mam opzielen elo eréischt un...

Den Student fir 1 Dag
ass bei der Info an der Maach
Och Guiden sollen hei entstoen
an Fehler der Spuerkees net entgoen

Den Studentebal am Summer
ass fir sou munch den Hummer
Duerfir suergen eis Regroup Leit
an sinn domadder 1 Joer laang geheit.

Politesch ass d'ACEL och aktiv,
Wärend den Entrevue leeft jo näischt schif
Mee fir iwwert d'Stagegesetz ze diskutéieren
Muss ee jo keen Zirkus opféieren

Stagegesetz ass nach net duerch,
Verbesserungsfirschléi goufen hannerluecht.
En avis, en communiqué oder eng Pressekonferenz,
d'Fraequote ass do keng Referenz.


Zu Bréissel op der REEL sollt et sinn,
do wollte mir eis alles ginn,
ee Walking Dinner par excellence
do huet de Rescht guer keng Chance

Dann drénkt d'ACEL neirdéngs Caprisonnen
An dovunner direkt méi wei néng Tonnen
Dofir huet de Jéngsten gesuergt
An déi mat op eng Party bruecht

Ech sollt och net hënneren,
Wéi d'ACEL wollt plënneren
De Belval gouf main neit Doheem
An do ass et ganz bequem“

Ee Joer ass schnell eriwwer,
an de Felix schwätzt net gären driwwer,
Well am Dezember ass et nees sou weit,
an de Felix verléiert puer Leit.


Mee di flott Momenter bleiwen dem Felix behalen
soudass hien sech bal net kann halen,
Fir op dat neit Joer dat him bléit,
an dozou komme mir méi spéit




FELIX

ACEL'S JOER 2018

AM IWWERBLÉCK



ACEL
de Studentevertrieder



KALENNER

DEZEMBER

- 26 ACEL Wanter AG
- 27 Tournoi de Noël
bis den 28. Dezember
- 29 CV 1 (CGJL)

JANUAR

- 
- 03 Regroup CV1
- 08 Neijoerspatt vun der CSL
- 09 SI LCE
Neijoerspatt vum MEN
- 11 SI LRSL
- 15 intern CV Regroup Studentebal
- 18 Ënnerschreiwen vum Kontrakt
mat der BCEE
Neijoerspatt (Belval)
- 19 SI Maacher Lycée
Entrevue Voyages Emile Weber
- 22 Interview L'essentiel Radio
- 26 Conseil Supérieur de la Jeunesse
- 29 Regroup CV2

FEBRUAR



- 02 Entrevue Idea
Aarbechtsministere
- 04 CV 2 Belval
aAcel lessen
- 07 Regroup CV3
- 08 SI Lycée Belval
- 16 Entrevue Losch
Entrevue Munhowen

- 19 Entrevue Ville de Luxembourg
- 20 SI AL
- 21 SI Fieldgen
- 23 SI ALR
- 24 SI Lycée du Nord
- 28 SI LGE

MÄRZ



- 05 Stagegesetz presentatioun
(provisoresch)
Entrevue Dicicash
- 06 Entrevue Codex
- 07 Commissiou Aide-Financière
- 08 Entrevue Eldo
- 09 Séance académique
(Jugendchômage)
- 10 SI LML

- 13 Regroup CV4
- 16 Klausurtagung Heidelberg
bis den 18. März
- 23 Iwwerreechung Don Hariko
SI Lycée Robert Schuman
- 24 SI LCD
- 30 Interview Wort
Iwwerreechung Don FMPO

OOFKIERZUNGEN*

- AG Assemblée Générale
- CGJL Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg
- CSEN Conseil Supérieur d'Education National

- CV Comitésversammlung
- MEN Ministère de l'Education
- MO Maison de l'orientation
- Sf1D Student fir 1 Dag
- SI Studieninfo
- TdN Tournoi de Noël

11

ABRËLL



- | | |
|--|--|
| <p>03 Interview RTL</p> <p>04 Student fir 1 Dag
bis den 14. Abrëll
Sf1D Tréier + Kaiserslautern</p> <p>05 Sf1D Frankfurt + Nanzeg</p> <p>06 Sf1D Léck + Maastricht</p> <p>07 ACEL Quizowend</p> <p>09 Sf1D Karlsruhe + Heidelberg</p> <p>10 Sf1D Oochen</p> <p>11 Sf1D Saarbrécken</p> <p>12 Sf1D Bréissel</p> | <p>13 Sf1D Köln + Bonn</p> <p>14 Sf1D Stroossbuerg</p> <p>19 SI Lycée Ermesinde</p> <p>23 Entrevue Maison de l'Orientation</p> <p>26 Conseil Supérieur d'Education National</p> <p>27 Conseil Supérieur de la Jeunesse
Entrevue Security GDL</p> <p>28 SI LAML
aACEL Kinowend</p> <p>29 CV3 Belval</p> |
|--|--|

MEE



- | | |
|--|---|
| <p>08 SI LHCE</p> <p>09 Commissioun Aide-Financière</p> <p>15 Interview 100,7
Entrevue Munhowen</p> <p>17 Entrevue Boisson Heintz</p> <p>18 Entrevue Codex</p> | <p>22 Regroup CV6</p> <p>23 EHEA Paris
bis den 25. Mee</p> <p>30 Entrevue Uni.lu</p> <p>31 Debriefing Sf1D
Conseil Supérieur d'Education National</p> |
|--|---|

JUNI



- | | |
|--|---|
| <p>01 House of Startups Grand Opening</p> <p>02 Treffen Regroupe
Balversammlung/ACEL Meets Cercles</p> <p>03 CV4 Belval</p> <p>15 1. Pubaktioun Studentebal</p> | <p>16 aACEL Grillowend</p> <p>21 Entrevue ELD0</p> <p>22 2. Pubaktioun Studentebal</p> <p>25 Réunion suivi stratégique (Rifkin)</p> <p>29 Entrevue Codex
Entrevue Aacel</p> |
|--|---|

JULI



- | | |
|--|--|
| <p>01 Regroup CV7</p> <p>03 Entrevue Baloise</p> <p>07 3. Pubaktioun Studentebal</p> <p>09 Entrevue Munhowen
Commissioun Aide-Financière</p> <p>11 Briefing Studentebal
Oprichten Studentebal
bis den 13. Juli</p> | <p>13 De Studentebal</p> <p>14 Ofrichten Studentebal
bis den 16. Juli</p> <p>28 CV5 Belval
Summer AG</p> <p>31 Entrevue JOIN</p> |
|--|--|

AUGUST



- | | |
|--|--|
| <p>03 Regroup Debriefing</p> <p>05 Entrevue REEL</p> | <p>29 Debriefing Munhowen</p> <p>30 Entrevue Pit Everling REEL</p> |
|--|--|

SEPTEMBER



- | | |
|---|--|
| <p>01 Entrevue UNEL (Stagen)</p> <p>02 CV6</p> <p>06 aACEL Afterwork Fouer</p> <p>07 aACEL - ACEL lessen</p> <p>10 Entrevue Codex</p> <p>11 Entrevue Wort</p> | <p>17 REEL Briefing Workshop Regroup</p> <p>18 Entrevue Wort & BCEE
REEL Briefing Workshop Info</p> <p>20 REEL Bréissel
bis den 23. September</p> <p>21 Conseil Supérieur de la Jeunesse</p> <p>24 Aweiung Maison du Livre</p> |
|---|--|
-

OKTOBER



- | | |
|--|---|
| <p>02 Entrevue VEW</p> <p>06 aACEL Wäindegustatioun</p> <p>11 Groupe de travail MO
Entrevue LASEL</p> <p>13 Entrevue aACEL Studentebal</p> <p>15 Commissioun Aide-Financière</p> <p>16 SNJ Foire vun der Jugendaarbecht</p> <p>19 Interview Wort
Porte Ouverte LSC</p> | <p>20 SI AL
CV Comité 2019</p> <p>21 CV7 (CGJL)</p> <p>22 Pressekonferenz</p> <p>23 Entrevue Maison de l'Orientation</p> <p>27 AG ALEP</p> <p>29 Entrevue Uni.lu</p> <p>30 Regroup CV 2 TdN</p> |
|--|---|

NOVEMBER



07

Working Group - Suivi EHEA

08

Interview Graffiti
Entrevue Aarbechtsministère
Entrevue Uni.lu
Conseil Supérieur d'Education
National
Comité lessen (Siegfried)
Foire de l'étudiant
bis den 9. November

09

Comitésaktivitéit
bis den 10. November

14

Regroup CV 3 TdN

17

Info CV Sf1D

24

CV8
Effentlech CV

30

Conseil Supérieur de la Jeunesse
Entrevue LMRL SI



DEZEMBER



04

aACEL Afterwork Kréchtaart

07

Entrevue MIXVoip

11

Commission Aide-Financière

14

SI ALR

17

Info CV - Sf1D

20

Entrevue Voyages Emile Weber
aACEL AG

21

ACEL Wanter AG

COMITÉ



Pol

President

Management
> Fribourg



VS



» Coordination générale

- » Kommandéieren
- » Ersatzgrafiker
- » Fotograf
- » Fénnt Orange net schéin



Tom

Vizepräsident
Repräsentation

Mechatronik an
Informatiounstechnik
> Karlsruhe



VS



- » Stagegesetz
- » GEZ
- » GIS

- » Ersatzgrafiker
- » Emmer Busy
- » Heyder 2.0



Nora

Vizepräsidentin
Informatioun

Bauingenieur
> Kaiserslautern



VS



- » GFE & GFD
- » Student fir 1 Dag
- » Foire de l'Etudiant

- » Shoten verdeelen an drénken
- » Vermüttler
- » Eenzegen net-Student



Pascal

Vizepräsident
Regroupement

Bauingenieur
> Kaiserslautern



VS



- » De Studentebal
- » REEL

- » Guiden transportéieren
- » Snapchat Master
- » Tschu Tschu !



Cindy

Sekretärin/
Regroupement

Sciences du Langage
> Stroossbuerg



VS



- » Rapporte schreien
- » Newsletter
zesummesetzen
- » De Studentebal

- » Dem Comité sain
Franséisch verbesseren
- » Presencen vun de
Cerclen huelen
- » Kaffismaschinn-Master



Jo

Tresorier

International Business-
Financial Management
> Köln



VS



- » Compten iwerschaffen
- » Budget geréieren

- » Suen ausginn
- » Huet Baggeren gäer
- » Tschu Tschu !
- » Verschlöfen



**Gilles**

Comitésmember

Publizistik &
Kommunikatiounswissenschaft
> Wien



VS



.....

- » GFD
- » Zoom

- » Huet och Baggeren gäer
- » Him ass sou wi sou alles egal
- » Tschu Tschu !
- » Fénnt Orange net schéin

**Geraldine**

Comitésmember

Bildungswissenschaft
> Wien



VS



- » dem Comité sain
Lützebuergesch verbesseren
- » Ass ni do
- » Pescht gäer Stickeren

**Mirko**Responsable
Informatique

Wirtschaftsinformatik
> Karlsruhe



VS



- » Programméieren
- » Programméieren
- » Programméieren

- » Keng Zäit méi fir nei
Projeten

**Nadja**

Comitésmember

Droit
> Stroossbuerg



VS



- » Stagegesetz
- » GIS
- » Pressedossier
schreiben

- » Geheit seng Eltern éfters
eraus fir dass d'ACEL bei
him feieren kann
- » Riets Hand vum Tom
- » Korrekturleserin fir den Comité



Aurélie

Comitésmember

Conformité, audit
légal et gestion des
risques
> Stroossbuerg



VS



- » Stagegesetz
- » GIS
- » Pressedossier schreiben

- » Korrekturlieserin fir den Comité
- » Morgenmensch -> Not
- » Brengt seng Decken mat an d'Versammlungen



Max

Comitésmember

Bauingenieur
> München



VS



- » De Studentebal
- » Tournoi de Noël
- » Intercerclen

- » Fussball kucken wärend den Versammlungen
- » Émmer hees
- » Huet eng Bambusleitung als Internetverbindung



**Michel**

Comitésmember

Ekonomie & Gestioune
> Stroossbuerg

VS



- » Facebook Master
- » Huet den Schnilles ganz vill gäer

**Sven**

Comitésmember

Chemieingenier
> München

VS



- » De Studentebal
- » Tournoi de Noël
- » Froen stellen
- » Gadgets proposéieren
- » Mam Pascal streiden

**Cyrielle**

Coopté

Psychologie
> Nanzeg

VS



- » Bröllekescht verléieren
- » lessen kaafe goen

**Benoît**


Coopté

Informatik
> Karlsruhe


VS



- » Devis'en ufroen
- » Nei Domain Nimm fir d'ACEL sichen
- » Privatjet lounen
- » Ersatzgrafiker



D'ACEL Lidderbuch App,
am App Store an am Google Play



TOURNOI DE NOËL '17

Och dëst Joer hunn nees eng ganz Rëtsch Equipe aus de Studentercerelen et sech net entgoe gelooss, um Tournoi de Noël matzemëschen an sech wéi schonn déi lescht Joren an de Sportaarte Fussball, Volleyball a Basketball ze moossen.

Wéi déi Jore virdrun ass den Tournoi zesumme mat der LASEL op d' Been gestallt ginn. D'LASEL bekëmmert sech fir hiren Deel em de ganze sportlechen Deel an de Comité vun der ACEL em de Ravitaillement vun de Spiller a Supporter, sou dass keen duuschtereg muss heemgoen. Doniewent hunn eis Studentencercèle vun Oochen, Innsbruck, Léck a Berlin dofir gesuergt, dass ee fir Studentepräisser de Mo gutt voll kritt. De Bilan vum Tournoi ware 5639,50 Euro Benefice bei der ACEL, déi integral gespent goufen. Zu gläichen Deeler sinn domat un d' Fondation Hariko an un d' Fondation Maison de la Porte Ouverte 2819,75€ gaangen. Dëst ware ronn 200 € méi wéi d'lescht Joer a mir hoffen, dass mir dëst Joer nach kennen drooleeën. Wéi gewinnt hunn d' Gewënner e Faass zum beschte gi fir de Succès ze feieren!

Nodeems d'Oochener dat Joer virdru fir 3. de Gesamtgewënner gewonnen hunn an domat de Wanderpokal iwwerreecht kruten, ass et dëst Joer un de Kölner Meedercher a Jonge fir hire Succès vum leschte Joer nach eemol ze widderhuelen.





RESULTATER

VOLLEYBALL	BASKETBALL	FUSSBALL
🏆 Köln	🏆 Tréier	🏆 Saarbrécken
🥈 Saarbrécken	🥈 München	🥈 Innsbruck
🥉 Innsbruck	🥉 Oochen	🥉 Bréissel

**GESAMT
GEWÄNNER**



KÖLN



STUDENT FIR 1 DAG

Rekordzuele beim Student fir 1 Dag 2018...

Och dëst Joer huet d'ACEL zesumme mat senge Cercle a „Voyages Emile Weber“ de „Student fir 1 Dag“ organiséiert, wou 14 verschidden Dagesreesen um Programm stoungen. Des Editioun hat e risege Succès. Insgesamt haten sech 345 Schüler ugemellt, déi sech esou e Bild iwwert déi verschidden Universitéiten an d'Stied, sou wéi awer och iwwert Studenteliewe maache konnten, wat hir Entscheidung iwwert hir zukünfteg Studien erlichtere sollt.

Moies stoungen um Programm eng Presentatioun vum Cercle an d'Visitt vum Campus mat senge wichtigste Gebaier. A verschidde Stied haten d'Schüler och d'Chance sech eng Virliesung unzehéieren. Nom Mëttesiessen ass et da wieder gaange mat enger Visitt vun der Stad. Fir den Dag auskléngen ze loessen, gouf et dann nach e Patt am Stammcafé vum Cercle wou d'Schüler nach emol Geleeënheet haten all hier Froe ronderëm hir zukünftegt Studien ze stellen.





MERCI!

Op dësem Wee, soe mir „Voyages Emile Weber“ an de Cerclë nach emol Villmools Merci fir hir Hëlfel bei dësem Event. Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2019.

2018 ➤

- | | | | |
|---------------|-------------------------|---------------|--------------|
| 04.04. | Tréier a Kaiserslautern | 11.04. | Saarbrécken |
| 05.04. | Nanzeg a Frankfurt | 12.04. | Bréissel |
| 06.04. | Leck a Maastricht | 13.04. | Köln/Bonn |
| 09.04. | Karlsruhe an Heidelberg | 14.04. | Stroossbuerg |
| 10.04. | Oochen | | |



DE STUDENTEBAL



Wat wier de Summer schonn ouni De Studentebal? Fir genau déi Fro net ze beäntweren huet d'ACEL och 2018 nees den 13. Juli d'Wiss nieft dem P&R Bouillon zu engem Open-Air Bal opliewe gelooss. No vill Stress, Ustrengung a Sonnecrème hate mir dunn Freides Owes nees alles prett fir e flotten Owend ze verbréngen. Sou sollt et dann och geschéien a mat 13 Comptoiren an engem Grillstand hat jiddereen d'Méiglechkeet och gutt sat heemzegoen. Fir déi richteg Stëmmung hunn de Flex Diamond a Pero Diamond gesuergt, mee natierlech och all déi partybegeeschtert Leit déi do waren. Falls dir, genau wei mir, déi nächst Editioun net erwaarde kënnt, loosst iech den Aftermovie net entgoen!







DE STUDENTEBAL AN ZUELEN

1		STROUMAUSFALL
3900		VISITEUREN
10		PARTNER & SPONSOREN
51		BADGEN
2305		VIRVERKAFTICKETEN
28		ZAPANLAGEN
31		SPECIAL DRINKS
335 KG		ÄIS

1150 M ²		OPEN AIR
1750 M ²		ZELT
343 M		GITTEROOFSPERRUNG
7		FIRBEREEDUNGSDEEG
3850L		BEIER
14+ GRILL		COMPTOIRE
32		CERCLEN
40		STONNEN VUN ENGEM DUERHSCHNETTS COMITÉSMEMBER UM SITE

REEL 2018

20.- 23.
SEPTEMBER



No véier Joer REEL an Däitschland sollt et dëst Joer fir déi 34. REEL bei eis aner Noperen an d'Belsch goen. No sengem Engagement an der ACEL wollt den Theo seng Carrière mat enger Presidentschaft ofschléissen an huet seng Bréisseler zesummegetrommelt, fir dëse Challenge unzegoen.

Eng vun deene gréissten Errongenschafte vun der 33. REEL zu Köln a Bonn war wuel de Wiessel zu Vandivinit als neie Bus-Partner. Doraus wollten déi Bréisseler eng Traditioun maachen, a si sollten et och net bereien! Deemno hunn sech d'REELaner Donneschdes, den 20. September an de ganz fréie Moiesstonnen op deene jeeweilege P&R Beggen an Ettelbréck getraff an hunn sech mat de Busser op Bréissel gemaach. Wéi d'Traditioun et esou well huet och dëst Joer de Fiederwäissen sech am Kalenner no der REEL geriicht, esou datt deen een oder anere Kanister scho virun der Grenz sain Déngscht erfëllt hat.



Zu Bréissel ukomm sollt et dann och direkt mam Programm lass goen. Well mat Studenten ouni Kaffi net vill unzefänken ass hat de Comité sech et dann och net huele

gelooss, eng grouss Ratioun nach um Virdaach ze préparerieren. Eng luewenswäert Initiativ, just hat keen dru geduecht, d'Maschinn och unzemaachen. Deen éischte Fauxpas war deemno scho gemaach. Just gutt datt nach net all d'Fiederwäissen-Kanister eidel waren. No der Begréissung vum President huet d'REEL du wéi üblech mat de Workshoppe vun der ACEL ugefaangen. D'Zukunft vum Studentebal, déi politesch Dossieren an d'Konzept vun der REEL goufen duerchdiskutéiert an uschléissend an der Plenière beschwat. Uschléissend ass et an d'Kantin gaangen. Déi Bréisseler wollte mat engem vegetaresche Kantinsmenu punkten, wat allerdéngs no hanne lass gaangen ass. Zur Verdauung vun déser Delikatess konnt een sech dunn eng gutt Stonn op eng pittoresk Wiss setzen a waarden, datt et wieder geet. Schliisslech ass et dunn an den Hostel gaangen. No um





Molenbeek hat sech de Comité fir wuel eng vun deene schéinsten, an natierlech och sécherste Géigenden aus der Staat entscheet. Nom anchecke sollt et och direkt wieder goe mam Rallye. E kuerzen Anti-Terror Asaatz, wéi en se an dëser Géigend èmmer mol erëm ka bestaune sollt den Zäitplang dunn och net wieder beaflossen. Mat méi oder manner Motivatioun ass et dunn un d'Erkënnunge vun der Stad gaangen. No e puer Kilometer trëppelen, enger Rei Aktivitéiten an engem Patt sollt et dunn Owes endlech awer eppes Richteges z'iesse ginn. E gudden Teller Nuddele mat e bësse Peffer sollt déi geschwächte REELaner erëm oppäppele fir Owes erëm kennen ze féiere wéi et sech gehéiert. Als Zeeche vun der Gaaschtfréndlechkeet huet de Restaurant dunn de REELaner och méi oder manner fräiwëllleg all hir Peffermillen iwwerlooss. Et ass du weider gaange fir ze féieren. Op der Soirée Privée huet de Comité seng Invitéë mat räichlech Bombe Bleu verwinnt. Esou huet déi néideg Stëmmung net laang op sech waarde gelooss. An de fréie Moiesstonnen ass et du lues a lues zréck an den Hostel gaangen. Deen een oder aneren huet sech um Heemwee nach mat de fréndlechen an oppene Léit aus dem Quartier ännerhalen.

No enger éischter kuerzer Nuecht ass et du Freides Moies mat ganz énnerschiddleche Visitte weider gaangen. D'REELaner konnten sech e Bild vun de politeschen oder kulturellen Institutiounen maachen an interessant Abléck an d'Stad kréien. Nom Mëttesiessen ass et du mat de Partnervirträg weider gaangen. De Comité hat keng Käschten a Méie gescheit fir de Partner en flotte Kader ze bidden. D'REELaner hirersäits hunn deemno och hiert Méiglechst gemaach, fir net all d'Virträg ze verschlofen, och wann si eenzeler scho fënnef mol héieren hunn. Den uschléissende Walking Dinner huet déi optimal Plattform geschaft, fir mat deenen eenzelle Partner a Kontakt ze trieden. Erfreelecherweis gesäit een dobäi och émmer deen een oder aneren erëm, de sengerzäit och selwer zu de REELaner gehéiert huet. Virun allem dës, awer och eng ganz Rei aner Partner hunn sech et dunn och net huele gelooss, nach mat de REELaner bis an d'Nuetsliewe vu Bréissel kucken ze goen. Op der Platz sollten se dunn awer mierken, datt dës némme fir déi Sënn gemaach huet, déi eng deck Paie hunn.





Déi aner hu missten duuschtereg heemgoen. Eng Rei REELaner hunn sech dovun awer net vum feieren ofbréngé gelooss. Fir déi war awer spéitstens du Schluss, wéi e puer verréckten Ninjakämpfer d'Sécherung duerchgebrannt hues. Eise Willy huet sech dovun awer net beandrocke gelooss, a wollt deenen direkt weisen, wien de Chef zu Habscht ass. Dëst sollt hien awer mat engem bloen An bereien, dat him allerdéngs bal eng Festastellung beim Etienne sengem Space Ressources Programm abruecht hätt.


Um Samschden dunn hunn sech d'REELaner dunn wéi all Joers chic gemaach, wat deenen enge wuel besser gelonge war wéi deenen aneren. Mir hunn eis op de Wee an d'Haus Benelux gemaach. Do huet





och schonns déi hallef Regierung op d'REELaner gewaart, déi awer natierlech net do waren, well dräi Wochen dono d'Chamberswahlen op der Agenda stoungen. D'Ministere Mutsch a Schneider, esou wéi d'Staatssekretärin Françine Closener stoungen de REELaner Ried an Äntwert an hunn eenzel Projeten aus hire Ministère virgestallt. D'REELaner goufen uschléissend mat enger ganzer Gadgete vum Nationbranding Programm verwinnt. Och déi Lëtzebuerger Regierung huet verstanen, datt et wuel keng besser Representanten am Ausland gi wéi déi gutt aal Studenten. Mat Stickeren op der Stir ass et an der Mëttespaus dunn an de Restaurant gaangen. D'Busfaart huet sech allerdéngs als schwiereg erwisen. Anscheinend sinn déi Bréisseler Stroosser net gemaach fir mat grousse Busser duerch ze fueren. Do ass et gutt, dat d'Police engem kuerzerhand d'Erlaabnis gëtt, eng Strooss ze spären an einfach duerch de Sens Unique ze fueren, fir en absolute Verkéierschaos an der Stad ze verhënneren. Am Restaurant ukomm hate leider déi Päsch gehat, déi et net mat der Regierung an e Raum gepackt haten. Dés waren nom lessen erstaunlecherweis e gutt Stéck méi niichter wéi déi aner. Ëmmerhi kruten si genuch z'iessen, wann och deen een oder anere Pefferkär net geschuet hätt. Zréck am Haus Benelux goung et du weider mat der Table Ronde zum Thema Digitalisierung. D'Invitée waren de Marc Hansen (Héichschoulminister), de Marc Wagener (Fondation IDEA), den Daniel Becker (Conseil Economique et Social) an de Pol Lutgen (ACEL). Moderéiert gouf dat Ganzt vum Pit Everling vum RTL. D'Hären aus der Podiumsdiskussioun hunn sech et och net huele gelooss, op gewëtzt Manéier déi midd Studenten déi eng oder aner Kéier ze beliewen.

Schued war just, datt si et verpasst haten, nei Witzer ze erzielen, esou datt de Witz leider déi lescht siwe Mol net méi gutt ukoum. Nawell war et en interessanten Austausch, deen de Studenten en Abléck an déi eenzel Bléckwénkele vum Sujet gebueden huet. Als Ofschloss ass et dunn op d'Soirée Chique an den Atomium gaangen. Zesumme mat der Band Zero Point Five hunn d'REELaner gutt gefeiert a gesongen. Beim drénken huet een allerdéngs missten oppassen. Leider haten déi Belsch Architekte just eng Toilette an den Atomium gebaut, et konnt deemno sinn dat een eng hallef Stonn an der Schlaang stoung. Och den Etienne hat et sech net huele gelooss, mat de Studenten unzestoussen. Nieft dem Etienne huet d'Delegatioun vum Vandivinit awer och d'Sau eraus gelooss, an de Studente gewise wéi e feiert. Eppes no 1 Auer hat de REEL's Comité awer du keng Loscht méi an huet den Owend kuerzerhand fir riwwer erkläert. Déi feierwölleg REELaner waren sech dunn awer och net ze schued, fir déi belsch Hippsterscene a Kostüm a Krawatt nach onsécher ze maachen.





Deementspriechend midd ass et dunn och an de leschten Daach vun der REEL gaangen. Net némmeren d'ReELaner, mä och d'Buschaufferen hätten näischt géint déi eng oder aner Stonn Schlof méi gehat.

Nom Check-Out sollt et op de Brunch goen. Déi 120 REELaner hunn sech op der Platz déi insgesamt 15 Tranchen Ham gedeelt, déi de Restaurant op den Dësch gestallt hat. Gutt war do, datt deene meeschte Léit souwisou nach net no iesse war. Am Nomëttetg dunn sinn déi eng an d'Schwemm gaangen, wärend déi aner d'Delirium Brauerei kucke waren. Hei krut en dunn vun de sympathesche Mataarbechter erkläert, wéi d'Mark Delirium vermaarkt, an d'Produiten hiergestallt ginn. No engem gemittlechen Owesiessen an engem leschte Patt ass et du gutt midd zréck op Lëtzebuerg gaangen.

Esou ass och déi 34. REEL erfollegräich ofgeschloss ginn. Nodeems déi 120 Léit e puer Deeg gebraucht hunn, fir sech ze erhuelen, huet dono awer lues a lues erém d'Virfreed op déi nächst Editioun ugefaangen. Et dierf e gespaant sinn, wou déi 35. Editioun wäert stattfannen. Et schéngt, wéi wann et erfreelecherweis mol erém eng Kéier e puer Stied sinn, déi sech gär géifen em d'Organisatioun këmmeren.




REEL LIDD - TOTAL DORUETER

(Inoffiziellt Lidd)

REEL: Bréssel, 2018

Weis: Kind von de Duiwel Auteur

Text: Moritz Schaf feat. Schnilles François Fohl





Dir sidd dach all komplett Verbrueter

Mir sinn dach all total dorueter

Eis ass dach alles schäiss egal

a mir hunn keng Kontroll iwwert eist Liewen

Döpp döpp...

Francine, wei ass et mam Nation Branding?

Lydia, well net dass mer drénken

Etienne, schässt op kleng Betriber

Benelux, alen do ass dach keen doheem

Döpp döpp...

Moies, hunn mir nach alleguer eng Päschen


Mëttes, mir drénke just na aus Fläschen

Owes, mir komme voll op eis Käschten

An nuets fänkt den Tzveto rëm un mat fäschten

Döpp döpp...

Inter- Cercles 2018





INTERCERCLEN 2018

02

FEBRUAR

23

ALUS goes Prag
ALUS + Place to Beer
Lästlé



03

MÄRZ

17

Swisscup
AELL

24

Route du vin
ALUS

04

ABRËLL

06

Ugly Skiing Day
LSI

19

Mainhattan
LSRM

05

MEE

04

BBQ BALELC
AELL

18

Saufest
LSW

06

JUNI

01

Bonnympiade
Alesontia

08

Soccergolf
SLUF

14

Beachvolleyball
LSK

24

Beach Cup ,18
ANEFL &
ANESEC

30

Summercup
ALUS

07

JULI

06

Vélosheemrees
AELK

09

SEPTEMBER

01

Wine Tasting
LSC

10

OKTOBER

04

Oktoberfest
LSM



13

L-Ü-XI Rallye
LST

11

NOVEMBER

11

Kölle Alaaf
LSC

15

Tartes Flambées
ALUS

22

Caférallye
AVL

23

Clear The Bottles
LSZ

29

Badische Meile
AELK





JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **axxess STUDY**, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur axxess.lu

axxess STUDY

100 % JEUNE. 100 % VOUS.



SPUERKEESS



ACEL
de Studentenvertreter